

VERÄINER AM 2. WELTKRICH AN DE STILLHALTEKOMMISSAR

KONFERENZ VUM MARC SCHOENTGEN, HISTORIKER

Vun 1940 bis 1944 war de *Stillhaltekommissar für das Organisationswesen in Luxemburg* fir d'Gläichschaltung an d'Zerstéierung vun de Lëtzebuerger Veräiner a Gewerkschaften zoustänneg. Zesumme mat aneren NS-Organisatiounen huet dës Institutioun net nëmmen an d'Welt vun de sëllegen Fräizäitorganisatiounen (z.B Museksveräiner) agegraff, mee och an d'Liewen vun de Mënschen. De *Stillhaltekommissar für das Organisationswesen in Luxemburg* war een vun de wichtegsten Instrumenter vun der NS-Diktatur zu Lëtzebuerg. Si huet méi oder manner am Hannergrond geschafft, an ass och dowéinst eng relativ onbekannte Institutioun aus der Zäit vun der däitscher Besatzung.




photo: Christof Weber

DATE
Jeudi 19.01

LANGUE
LU

HEURE
18:00

PUBLIC
Tout public

KOMM, MIR GRËNNEN E VERÄIN!

La vie associative dans la ville de Luxembourg depuis le 19^e siècle

> 9 juillet 2023

CYCLE DE CONFÉRENCES



<LËTZEBUERG
CITY
MUSEUM>

multiplicity

<LËTZEBUERG
CITY
MUSEUM>

citymuseum.lu

MAR - DIM 10 - 18:00 JEU 10 - 20:00 LUN fermé



KOMM, MIR GRËNNEN E VERÄIN!

La vie associative dans la ville de Luxembourg depuis le 19^e siècle

CYCLE DE CONFÉRENCES

TARIF
Entrée libre

LIEU
Auditorium
Cercle Cité
3, rue Genistre
(entrée Cité Bibliothèque)

INSCRIPTION
T +352 4796 4500
visites@2musees.vdl.lu



VERÄINSMEIEREI ODER LIEWENSNOTWENDEGKEET? JIDDESCH VERÄINER ZU LËTZEBOURG AN DER TËSCHEKRICHSZÄIT

KONFERENZ VUM RENÉE WAGENER, HISTORIKERIN

Schonn am 19. Joerhonnert hu jiddesch Männer um Veräinsliewen zu Lëtzebuerg deelgeholl, doniewt gouf et och reng jiddesch Hëllefveräiner. Nom Éischte Weltkrich koume vill jiddesch Leit aus Osteuropa an de Westen. Och op Lëtzebuerg hunn si d'Iddi vum Zionismus matbruecht, also vun enger jiddescher "Heimstatt" a Palästina. Et gouf scho virun 1933 zionistesche Veräiner, mä d'Juddeverfolgung duerch den nationalsozialistesche Regime an Däitschland huet der zionistescher Iddi Opschwung ginn. Jiddesch Famillen, déi op Lëtzebuerg geflücht woren, wollte vun hei a Palästina auswanderen. Nei Veräiner sinn entstan, déi d'Auswanderung konkret organiséiert, awer och iwwer déi politesch Ausrichtung vum Zionismus diskutéiert humm.



D'Zionistin Anitta Müller-Cohen (1890-1962). © Wikipedia

DATE
Jeudi 13.10

HEURE
18:00

LANGUE
LU

PUBLIC
Tout public

DE FIXFEIESCHKËSCHTEN-ETIQUETTESAMMLERVERÄIN FIXOLUX BEIM MILLÉNAIRE

KONFERENZ VUM ANDRÉ LINDEN, HISTORIKER

D'Veräinswelt ass esou villfälteg ewéi d'Gesellschaft an där se sech manifestéiert. Mat der Zäit sinn esou vill Veräiner verschwonnen, dëst och a Beräicher an deenen hautzedaags kaum nach ee weess datt et do iwwerhaapt Veräiner goufen. Een esou ee Beispill ass de Bouneweger Fixfeieschkëschtenetiquettesammlerveräin! Dësen huet 1963 an der Stad d'Ausstellung *Interphil* organiséiert. A senger Eröffnungsried huet den deemools opstriedende Politiker Gaston Thorn op di propagandistesche Kraaft vun de Fixfeieschkëschten higewisen. Am Budget vum Millénaire war deemno och ee grouse Posten fir dësen Zweck virgesinn. Bei der Ausstellung huet iwwerdeems den Eisebunner Jean-Pierre Pleimling eng Goldmedail souwéi zwee Pokaler gewonnen.



Streichholzschachtelketten als Werbeträger im Luxemburg der 50er und 60er Jahre, Sammlung J-P Pleimling, photo: Christof Weber

DATE
Jeudi 10.11

HEURE
18:00

LANGUE
LU

PUBLIC
Tout public

D'GESCHICHT VUN DER VEREENEGUNGSFRÄIHEET ZU LËTZEBOURG

KONFERENZ VUM MOHAMED HAMDI, HISTORIKER

D'Vereenungsfräiheet gehéiert zu de Grondprinzipie vum demokratesche System. Mä ëm wat handelt et sech bei dëser Fräiheet genau a firwat ass se esou wichteg? Wouranner ënnerscheed si sech vun der Versammlungs- an der Koalitiounsfräiheet? Fir dës Froen ze beäntweren retracéiert dës Konferenz déi grouss Etappe vum Veräinswiesen zu Lëtzebuerg — vun der franséischer Revolutioun bis bei d'Gesetz iwwert d'ASBLen vum 21. Abrëll 1928. Et stellt sech eraus, dass sech déi rechtlech Unerkennung vun der Vereenungsfräiheet duerch lues Fortschritt a vill Réckschläi kennzeechent an enk mat Entwécklungen am Ausland verbonnen ass.



La chorale de Dommeldange en 1862, dans : *Société Chorale Grand-Ducale Dommeldange, 1861-1961 : centenaire et inauguration du nouveau drapeau*, Auguste Lamesch et all., 1961, p. 23, © BNL

DATE
Jeudi 01.12

HEURE
18:00

LANGUE
LU

PUBLIC
Tout public